adr
Alternativ Demokratesch Reformpartei
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
06 OCT. 2016
2446

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Ëmmer nees héiert ee vu klassesche Lycéeën, an deenen eng Klass vun den Optiounssproochen op der Sproochesectioun (Spuenesch oder Italienesch) ewechfält, well net genuch Schüler sech duerfir interesséieren. Anscheinend ginn elo op d'mannst op enger Plaz am Land, wou net genuch Schüler sech fir eng vun deene Sproochen interesséieren, fir eng ganz Klass zësummen ze kréien, Sproocheklasse vu verschiddene Niveauën zesummegeluecht, wat also bedeit, datt Schüler vun ënnerschiddlechem Niveau a mat verschiddene Programmer an enger Klass zesumme sëtzen. Déi Kanner vum ieweschten Niveau kréien dann deen Deel vun hirem Programm, deen an esou enger zësummegesatener Klass ze kuerz kënnt, no deenen normale Schoulstonne vermëttelt, an zwar a sougenannte „Cours de rattrapage". A Wierklechkeet sinn dat also keng „Cours de rattrapage", mee just normal Stonne mat deem Programm , dee fir déi betraffe Schüler souwisou virgesinn ass.

Dës Solutioun werft eng Rëtsch vu Froen op, déi ech heimat wéilt dem Här Schoulminister stellen:

1. Ass dem Här Minister déi Praxis, d'Optiounssprooch an enger gemeinsamer Klass vun ënnerschiddlechem Niveau ze enseignéieren an a sougenannten Nohëllefsstonnen deen Deel vum Programm nozehuelen, dee fir déi iewescht Schüler virgesinn ass, bekannt?
2. Op wéi vill Plaze geschitt dat am Land a wéivill Schüler sinn heivu betraff?
3. Huet den Här Minister eng Erklärung, firwat op déi Bezeechnung vu „Rattrapage" zréckgegraff gëtt? Huet dat eventuell budgetär Grënn?
4. Gëtt den Asaz vum Léierpersonal an deene „Cours de rattrapage" eventuell méi bëlleg wéi d'Bäibehale vum normale Cours, also am Vergläich mat enger normaler Klass an där d'Mindestzuel vu Schüler erreecht ass?

5. Féiert déi Praxis fir „Cours de rattrapage“ fir den normalen Unterrecht ze benotzen eventuell zu Schwieregkeeten oder Aschränkunge fir déi Schüler, déi wierklech zousätzlech Léierstonnen an dem engen oder anere Fach géinge brauchen?
6. Kënnen dës Problemer duerch eng Aennerung an der Schoulorganisatioun behuewe ginn a wëll den Här Minister dat maachen ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Lëtzebuerg, den 14. November 2016

Affaires générales

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 2446 du Député Fernand Kartheiser**

Et ass eng gängeg Praxis, datt bei Coursë mat ganz klengen Effektiver verschidde Joergäng zesummegeluecht gi fir d'Offer awer regional bäizebehalen an esou ze verhënneren, datt d'Schüler de Lycée musse wiesselen.

Dat geschitt op zwou Plazen am Land an et betrëfft knapps eng Dozen Schüler.

Am konkrete Fall zu Dikrech ass den Italieneschcours vu 1re A an 2e A zesummegeluecht gi mat am Ganze fënnef Schüler. Am Prinzip hunn déi Schüler fënnef Stonnen Italienesch d'Woch.

Fir de Schüler entgéintzekommen an dem Proff ze erlaben, spezifesch op déi eenzel Joergäng anzegoen, ginn elo dräi Stonne fir déi fënnef Schüler zesummen organiséiert an dann nach all Kéier zwou Stonne fir de Grupp 1re an zwou Stonne fir de Grupp 2e. Et ginn also am Ganze siwe Stonnen organiséiert. Zwou vun deene Stonnen huet d'Schoul elo administrativ als APPUI libelléiert.

Dat huet awer weder en Afloss op d'Qualitéit vum Cours nach op de Budget. Ech sinn iwwerzeegt, datt dës Léisung e gudde Kompromiss tëscht enger effizienter Organisatioun an enger breeder lokaler Offer ass.

Claude Meisch
Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-2004081б-FR